

# De Pablo an d'Juliette

D'Juliette hat der aachtanzwanzeg. Sâi Buttek louch e wéineg hannerwands, mä dat mouch näischt. 'T hat all Zorten Tubak an Zeidongen, a bal all Leit aus dem Véirel an der Konn. Och dee jonken Auslänner, deen all drëtten Dag bei hatt sâin Tubak siche kouw. En heescht Pablo, dat hat et séier raus.

D'Juliette huet sech nêt beklot. 'T goug him eigentlech gutt. Hatt war frëndlech mat de Leit, an d'Leit mat him. An d'Fraën, déi eng Illustréiert kafe koumen, bloufe gär eng zéng Minutten, fir ze tootzen. Di eeler Männer och. Déi méi jonk ware méi prëssiéiert, mä se hun awer heinsdo e Witz verzielt, well d'Juliette sou häerzlech laache konnt.

Heinsdo hätt et dem Pablo deen neiste Witz gare weiderverzielt. 'T war sénger Saach jhust nêt sécher, op dat him géing op franséisch geroden. De Pablo huet him gutt gefall.

'T war sech och nêt eens, ob et e Spuenier oder Portugis wir. En huet ni eng auslännesch Zeidong kauft, nëmmen Tubak a Bliedercher; all drëtten Dag. En hat ganz

schwarz Aan an eng ganz brong Haut vun der Sonn.

Wéi enges Daags a Spuenien e Fliger rofgefall as, huet et e Koup spuenesch Zeidongen op d'Téik geluegt. A wéi de Pablo kouw, huet et mam Fanger op d'Bild an der Zeidong gewisen. „C'est terrible“, sot et. „Oui, c'est terrible, ça!“ sot de Pablo. En huet d'Zeidong awer nêt kauft.

Zanter enger Woch weess d'Juliette, wou de Pablo schafft. 'T hat en hannert der Godrongsmaschinn am Neiduerf gesinn. En hat keen Hiem un, well 't war waarm. En as wiirklech ganz brong verbrannt. A Muskelelen huet deen!

De Mario Soares kouw op Besuch, an d'Zeidonge ware voll. Hatt huet der nach eng Kéier sou vill verkaaft wéi soss: lëtzebuergescher an och portugisescher. Jhust de Pablo huet keng kauft. „Il vous plaît?“, frot hatt de Pablo. Deen huet e wéineg gelaacht a gesot, „il vient chez nous demain, dans la grande salle au Limpertsberg.“

D'Juliette hat mol e Freier, mä da's scho laang hir. Duerno wollt et ni méi een. Mä fir de Pablo hat et eppes iwweg. En as jhust nêt

sou gespréicheg, wéi anerer. Sâi klengt Laachen deet dann duebel gutt. Wéi al soll e sinn? Sou al wéi hatt oder eppes méi? 'T war schwéier ze son. Samschdes huet e well ëmmer eng schmuel Mapp ënnert dem Aarm, wann e kënnt.

„C'était bien, au Limpertsberg, l'autre jour?“ frot et hie virun e puer Deeg. 'T hat deen neie Roman op d'Téik geluegt, deen et am Bicherpak rakritt hat. „L'amour vint à l'aube“ huet e geheesch, an 't war eng Koppel dropp, déi sech ëmërbel huet. „Ah, c'était formidable“, sot de Pablo, „on a joué de la musique de chez nous jusqu'au soir.“ D'Buch huet en nêt bekuckt.

Gëschter huet et rausfond, wou e wunnt: 'T huet en am Clausener Bierg gesinn, wéi en an en Haus ragoug. Do wunne nach méi Portugisen. 'T as e ganz proppert Haischen. En hat nees déi Mapp ënnert dem Aarm. En hat hatt gesinn, déi aner Sâit um Trottoir an huet liicht mat der Hand gewénkt. „Bonjour!“, sot en. „Bonjour, Pablo“, sot hatt. Lo weess en, datt hatt weess, wéi hien heescht.

Haut muss e sâin Tubak a séng Bliedercher siche kommen. D'Juliette huet déi fonkelnei Blus ogedon, déi et gëschter an der Stad kauft huet. Vir as eng Margréitche drop an e Päiperléck.

'T huet sech gëschter och en neie Parfum kauft. Sou en deiren hat et nach ni. Wann et hannen aus der Kichen an de Buttéck kënnt, richt et eng Grätz derno. Op d'Téik huet et eng grouss Vas mat Margréidercher gestallt.

'T gesäit, wéi de Pablo deisäit um Trottoir steet a riwwer op de Buttéck kuckt. Da kënnt en iwver d'Strooss. Ganz lues. E bleift virun der Buttécksfenster ston a kuckt. Dat huet en och soss mol gemaach, mä ni soulaang. Hatt as ganz opperegert. E war och nach ni sou flott ugedon. 'T as Samschdeg, e geet bestëmmt op e Bal.

Wéi e rakënnt, laacht en iwver d'ganz Gesiicht. „Maintenant je sais“, laacht en, „vous vous appelez Juliette, et votre nom de famille c'est Marson, et la boutique c'est „au petit kiosque“.

„Mais oui!“, laacht d'Juliette. 'T as lo awer eng Grätz duurcherneen.

De Roman läit nach ëmmer ënnert de Margréidercher.

„A l'aube“, ça veut dire quoi?“

„Le matin“, laacht d'Juliette, an hien och.

„C'est déjà l'après-midi!“

Se laachen allebéid.

„Il n'est jamais trop tard“, seet hatt du, 't as bal erféiert iwver sâin eejene Kuraasch.

„Ca c'est vrai“, seet hien, „je crois que je vais acheter un journal aujourd'hui. Vous avez en portugais, n'est-ce pas?“

A wéi d'Juliette nêt direkt eppes dropp seet, fiirt hie virun:

„C'est un grand jour pour moi. Maintenant je viens tous les jours. Maintenant je sais lire...“

D'Juliette denkt herno réischt drun, datt et him d'Hand gin huet. 'T huet gesot, „mais c'est formidable ça, toutes mes félicitations!“

Dat Schéinst awer as, lo kënnt en all Dag.

jpsy braun

